

# LEO

**Alter beim Hiereschlag**
De Leo kann net genee soen, wéini den Hiereschlag geschitt ass, mee déi éischt Aschränkunge sinn am Alter vu 27 Méint am August 2020 opgetrueden.

**Famill**
De Leo ass en Zwilling a wunnt zesumme mat sengen zwou Mammen zu Bieles. Zu senger Famill gehéieren och nach zwou Kazen, d'Gigi an d'Blue.

**Schoul**
Ab September 2025 geet de Leo an de Cycle 2.2.

**Wat de Leo net méi konnt**
Hie war wéi an enger anerer Welt gefaangen. Hie konnt net méi kommunizéieren, a seng Koordinatioun esouwéi seng Feinmotorik waren ageschränkt.

**Wat de Leo erëm kann**
Hien huet nees geléiert, ze kommunizéieren, andeems als éischt de visuelle Kontakt hiergestallt gouf, fir hien aus senger Welt, an där hie gefaange war, erauszehuelen. Well seng Motorik vum Kifer a vum Mond och vill betraff war, huet de Leo nees misse léieren, seng Zong an all Richtung ze beweegen, fir dass hien erëm schwätze konnt. Et fält him nach ëmmer schwéier, gewësse Wierder richteg ze artikuléieren. Seng Koordinatioun a seng Feinmotorik hu sech däitlech verbessert – och wann hien nach ëmmer e klenge Wee viru sech huet.

**Wat de Leo duerch den Hiereschlag verluer huet**
Hie konnt sech net méi mat senger Famill verstännegen a war séier vun alldeeglech Situatiounen iwwerfuerdert. Dëst huet zu vill Frustratioun gefouert. Duerch vill Engagement an Hëllef vu Famill an Therapeuten huet hien awer geléiert, esou Situatioune besser ze meeschteren an och kloer ze soen, dass hien dat iwwerfuerdert.

**Wat de Leo duerch den Hiereschlag gewonnen huet**
Hien huet geléiert, dass ee sech zeréck an d'Liewe kämpfe kann an dass een d'Hoffnung ni soll opginn, besonnesch wann ee gutt Ënnerstëtzung kritt.

**Bilan**
Et gëtt ee sech bewosst, wien an esou enger Situatioun fir een do ass. Duerch d'Ënnerstëtzung vu senger Famill, senge Frënn a sengen Therapeute konnt de Leo sech zeréck an d'Liewe kämpfen. Hien ass ganz dankbar, dass seng Mammen ni opginn, an hie weess, dass si dat och ni wäerte maachen.

**Âge lors de l'AVC**
Il est difficile de dire exactement quand l'AVC a eu lieu, mais les premières limitations sont apparues à l'âge de 27 mois, en août 2020.

**Famille**
Leo est un jumeau et il vit avec ses deux mamans à Belvaux. Sa famille comprend aussi leurs deux chats, Gigi et Blue.

**Scolarité**
En septembre 2025, Leo entrera en cycle 2.2.

**Ce que Leo ne savait plus faire**
Il était comme enfermé dans un monde. Il ne pouvait plus communiquer, et sa coordination ainsi que sa motricité fine étaient limitées.

**Ce que Leo a récupéré**
Il a réappris à communiquer en rétablissant d'abord le contact visuel, afin de le sortir de son monde dans lequel il était enfermé. Comme sa motricité buccale a aussi été beaucoup affectée, Leo a dû réapprendre à bouger sa langue dans toutes les directions pour pouvoir parler. Il lui est encore difficile de prononcer certains mots correctement. Sa coordination et sa motricité fine se sont nettement améliorées, même s'il lui reste encore un petit chemin à parcourir.

**Ce que Leo a perdu à la suite de l'AVC**
Il ne pouvait plus communiquer avec sa famille et il était vite dépassé par les situations quotidiennes. Cela a causé beaucoup de frustration. Grâce à l'engagement et à l'aide de sa famille et des thérapeutes, il a appris à mieux gérer ces situations et à dire clairement quand quelque chose le dépasse.

**Ce que Leo a gagné à la suite de l'AVC**
Il a appris qu'on peut se battre pour revenir à la vie et qu'il ne faut jamais perdre espoir, surtout lorsqu'on reçoit un bon soutien.

**Bilan**
On prend pleinement conscience de l'entourage disponible dans une telle situation. Grâce au soutien de sa famille, de ses amis et des thérapeutes, Leo a pu se battre pour revenir à la vie. Il est très reconnaissant que ses mamans n'aient jamais abandonné, et il sait qu'elles ne le feront jamais.




**Blëtz a.s.b.l.**
Lëtzebuerger Associatioun fir Betraffener vun engem Hiereschlag

68, rue du Château L-3217 Bettembourg · Tél. : 26 51 35 51 / 621 88 00 88
info@bletz.lu · www.bletz.lu · CCPL LU84 1111 7009 1792 0000